Zesummefaassung vun der Informatiounsversammlung iwwer de Revenu d'inclusion sociale (REVIS)

Är Rechter

Als REVIS-Bezéier deen sech an der Zoustännegkeet vum nationale Service fir Sozial Inklusioun (Office national d'inclusion sociale - ONIS) befënnt, si folgend Leeschtungen fir Iech am REVIS Gesetz virgesinn:

- eng Betreiung duerch en Agent régional d'inclusion sociale (ARIS) am Office Social vun Ärer Regioun
- en Aktivéierungsplang deen Äre sozialen a professionelle Projet definéiert a mam ARIS erstallt gëtt
- d'Deelhuelen un folgenden Aktivéierungsmoossnamen: Stabiliséierungs- a Virbereedungsmoossnamen (z.B. Entzuch, Therapie, Sproochecours, ...) an d' Beschäftegung am ëffentlechen Interessi (Travaux d'utilité collective - TUC)"

Déi finanziell Leeschtungen

Den Fonds national de solidarité (FNS) bezilt d'Inclusiounszoulag, déi dir aktuell kritt, am viraus aus, spéitstens den éischten Dag vum betraffenen Mount.

Duerch Är Participatioun un enger TUC-Moossnaam hutt Dir Recht op d' Aktivatiounszoulag. Den ONIS rechent dëst op Grondlag vum sozialen onqualifizéierten Mindestloun fir en Employé. Den FNS iwwerweist d'Aktivatiounsszoulag Enn des Mounts an dem Dir geschafft hutt. Am Géigesaz zur Inclusiounszoulag kann den FNS fir d'Aktivatiounszoulag keen Remboursement froen.

Är Verpflichtungen

Als REVIS-Bezéier an der Zoustännegkeet vum ONIS verflicht Dir Iech:

- D'Deklaratioun iwwer d'Zesummenaarbecht („Déclaration de collaboration") ze ënnerschreiwen an déi doranner enthalen Verflichtungen ze respektéieren, dozou zielen:
  - den éischten ARIS Rendez-vous anzehalen
  - mam ARIS en Aktivéierungsplang opzestellen an dësen anzehalen
  - Rendez-vousen, déi vum ONIS oder ARIS festgeluecht goufen, anzehalen
  - ugefuerdert Dokumenter bannent dem festgeluechten Delai ze iwwermëttelen
  - Bréiwer vum ONIS an ARIS ouni Delai entgéintzehuelen
- all Informatioun déi den Montant oder d'Recht op de REVIS kéinten beaflossen direkt un den FNS weiderzeginn (z.B. Changement vun der Adress, Zesummesetzung vum Stot, Akommes, ...)

D'Sanktiounen

Wann Dir beim éischten ARIS Rendez-vous onbegrënnt feelt, gëtt dëst als Refus vun der Zesummenaarbecht mam ONIS ugesinn an Äre REVIS Dossier gëtt fir eng Gesamtdauer vun 4 Méint zougemaach (Mount vum Refus vun der Zesummenaarbecht esouwéi déi 3 nächst Méint).

Wann Dir Verflichtungen déi am Aktivéierungsplang stinn net respektéiert, oder Rendez-vousen ouni Justifikatioun net anhalt, gëtt dëst folgendermoosse sanktionéiert:

- Éischt Feelverhalen: Dir kritt eng schréftlech Verwarnung vum ONIS
- Zweet Feelverhalen: Den FNS kierzt Äre REVIS wärend 3 Méint ëm 20%
- Drëtt Feelverhalen: Den FNS bezilt keen REVIS wärend 3 Méint

Bei enger Faute grave bezilt den FNS mat direkter Wierkung kee REVIS fir eng Dauer vun 3 Méint.

Vakanz an Auslandsopenthalt

Verflichtung géintiwwer dem FNS: Dir musst all Auslandsopenthalt ab enger Nuecht beim FNS mellen (maximal 35 Kalennerdeeg am Joer).

Verflichtung géintiwwer dem ARIS: Dir musst all Absence vun Ärem Wunnsëtz (och zu Lëtzebuerg) vu méi wéi 5 Schaffdeeg beim ARIS ufroen (mindestens 8 Deeg virun der geplangter Absence). Dës Ufro befreit Iech allerdéngs net vun Ärer Flicht iech beim FNS ze mellen.

Als juristesch Grondlag gëllt alleng d'REVIS Gesetz.